ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Un der Vollekszielung, déi d'lescht Joer vum Statec an Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère organiséiert gi war, hu 77% vun den 280.000 Stéit hei am Land deelgeholl, also ronn 215.000 Stéit (Quell: L'Essentiel vum 24. Januar 2022, S. 7). Verschidde Grënn si fir dës relativ niddreg Bedeelegung an d'Spill bruecht ginn, an éischter Linn d'Pandemie, awer och d'Aart vun de Froen. Ronn 65.000 Stéit hunn also net un dëser Vollekszielung deelgeholl.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Wirtschaftsminister:

1) Geet den Här Minister dervun aus, datt d'Vollekszielung vun 2021, mat enger Bedeelegung vu 77% vun de Stéit (eng Zuel, déi nach no uewe korrigéiert kéint ginn, wéi et am genannten Artikel steet: *„certaines communes sont toujours en train d'actualiser les questions réceptionnées"*), nach een zouverlässegen a representative Charakter huet?
2) Kann den Här Minister preziséieren, wat mat deene Leit geschitt, déi net un der Vollekszielung deelgeholl hunn?
3) Wéi deele sech déi 65.000 Stéit, déi net un der Vollekszielung deelgeholl hunn, no Nationalitéiten op?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten